WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG

# Aweiung vum Rond-Point Präiteler Bréck mat der Foussgänger Ënnerféierung

Am Juli 2022 hunn déi wichteg Aarbechten am Mëllerdall fir de Bau vum Rond-Point op der Präiteler Bréck mat enger Foussgänger Ënnerféierung ugefaang. Zil war et des geféierlech Kräizung am Mëllerdall fir jidderee méi sécher ze maachen, sief et fir den Auto, de Vëlo an de Foussgänger, an den heefege Verkéiersaccidenter déi op där Plaz stattfonnt hunn, entgéint ze wierken.

Op Initiative vun de Gemenge Waldbëlleg a Konsdref konnt de Bau vun der Foussgänger Ënnerféierung an de Projet vun der Stroossebauverwaltung vum Amenagement vun engem Rond-Point afléissen a realiséiert ginn. D'Foussgänger Ënnerféierung verbënnt d'Wanderweeër mateneen a bréngt d'Touristen a lokal Wanderer sécher un hiert Zil. Foussgänger a Mountainbiker brauchen net méi iwwert d'Strooss de CR118 ze goen an ze fueren, mee ginn elo op de Wee vun der Ënnerféierung laanscht d'Schwaarz lernz geleet.



WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG

No enger Bauphase vu ronn 2 Jar konnten d'Aarbechten am Juni 2024 fäerdeg gestallt ginn. Déi laangjäreg provisoresch Bréck, Ëmweeër, Deviatiounen a rout Luuchten sinn elo endlech Geschicht. E wichtege Projet deen de Mëllerdall e Stéck mei attraktiv a sécher mécht ass elo ofgeschloss.





De 14. Oktober 2024 huet déi feierlech Aweiung vum Rond-Point mat der Foussgänger Ënnerféierung stattfonnt, am Bäisinn vun der Madamm Minister Yuriko Backes, d'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, de Representantë vun der Administratioun vu Ponts et Chaussées, dem Tourismusministère, de politesche Vertrieder vun de Gemenge Konsdref a Waldbëlleg mat hire Mataarbechter, de Buergermeeschteren aus den Nopeschgemengen, dem ORT Mëllerdall, dem LEADER Regioun Mëllerdall, dem Här Claude Agnes, den de Rond-Point naturno gestalt huet, an aneren Invitéen, déi elo net genannt sinn.